CENTRE DE PROMESSES
2023 Schëtter

# GROUSSEN TÉLÉVIEDAG

## SAMSCHDES, 22. ABRËLL 2023

CAMPUS AN DER DÄLLT
ZU MINSBECH

MÉI INFORMATIOUNEN OP
WWW.SCHUTTRANGE.LU/TÉLÉVIE

Schëtter

télévie

#FIRDECHDO

2023

#FIRDECHDO



## LÉIF ALLEGUER,

Zu Schëtter si mer stolz no 2012 erëm eng Kéier Centre de Promesses vum Télévie ze sinn.

Säit Enn vum leschte Joer schaffen eisen Organisatiounscomité, eis Veräiner a vill Fräiwëllegen mat Häerz an Engagement fir flott Aktivitéiten op d 'Been ze setzen a fir sou Gelder fir d 'Fuerschung géint de Kriibs hei zu Lëtzebuerg ze sammelen.

Nieft der Bekämpfung vun der Krankheet dréit den Télévie awer och duerch déi vill gemeinsam Aktiounen zur Stäerkung vum Zesummenhalt tëscht eisen Awunner a Veräiner bäi.

All zesummen gi mer eist Bescht fir e Maximum u Gelder fir den Télévie zesummen ze kréien a fir iwwer dee Wee all de Betraffenen eis Matgefill an eis Solidaritéit ze weisen.

Mir si frou dëst Joer en Deel vun Télévie ze sinn an ech lueden iech elo schonn All ganz häerzlech an op de Groussen Téléviedag, den 22. Abrëll zu Minsbech um Campus "An der Dällt".

**Jean-Paul Jost**
**Buergermeeschter**



# LÉIF ALLEGUER,

Leider ass de Kriibs nach ëmmer eng ganz schlëmm Krankheet, déi jiddereе vun ons kann onerwaart treffen. Fir grad dëse Mënschen ze hëllefen, déi all Dag géint dës grausam Krankheet kämpfen an déi ganz besonnesch ons Opmierksamkeet brauchen, solle mir hinnen duerch eisen Asaz a mat finanzielle Mëttelen, nei Hoffnung schenken. D'Lëscht Joer hunn mir 20 Joer Télévie hei zu Lëtzebuerg gefeiert. Et war fir mech einfach nëmmen Héngerhaut puer, wéi ech um Ënn vun der Télévie-Emissioun de Spende Compteur vun 2.060.211,00 € konnt annoncéieren.

Dës Rekord Zomm ass un déi Kriibs-Projete verdeelt ginn, déi an der Commission Scientifique Internationale gewielt an zeréckbehale gi waren. Fir Lëtzebuerg sinn an dëser Kommissioun d'Doktere Mario Dicata a Guy Berchem vertrueden. Déi Don'en déi hei zu Lëtzebuerg gesammelt ginn, ginn och nëmmen un d'Laboe vun der Recherche géint de Kriibs hei zu Lëtzebuerg. D'Publikatioun vun dëse 14 Projete kënnt Dir um Site www.televie.lu ënnert der Rubrik "Publikatiounen" noliesen. Nëmmen esou kann d'Recherche hei zu Lëtzebuerg, also duerch Är Spenden, weidergoen.

Elo sti mir erëm kuerz virun der Télévie Soirée a kënnen dëst Joer op d'Ënnerstëtzung vun de Centres de Promesses aus de Gemengen Déifferdeng, Helperknapp a Schëtter an natierlech dem Centre de Promesses Permanent Rodange zielen. De lëscht genannten Zenter ënnerstëtzt ons elo schonn 20 Joer, an dofir soen ech Iech villmools Merci a grousse Respekt un Iech all. Mir hunn a mir ginn alleguer ëmmer onst Bescht fir dass, duerch d'Fuerschung, all déi betraffe Leit de Kampf géint dës fuerchtbar Krankheet gewannen. Wat mir immens vill bedeit, ass dass an all dëser viller Aarbecht, keen de Sënn an Zweck vum Télévie vergësst. Jiddereе vun ons ass gefrot, a jiddereе kann säin Deel bei der Lutte géint de Kriibs bäidroen.

Ech wënsche mir vun Häerzen dass Dir alleguer gesond bleift, a fir déi di krank sinn, dass Dir erëm ganz schnell gesond gitt! Dir gitt net op, mee mir och net, a mir sammele weider mat vill Energie an Häerzblutt Don'en fir de groussen Télévie-Dag. Dat ganzt Joer iwwer sinn ech iwwerall esou léif an häerzlech empfaange ginn. Ech soen Iech dofir e ganz grousse Merci, Merci fir Ären onermiddlechen Asaz ! Ech wënschen Iech ganz vill Succès a mir gesinn ons mat ville Membere vun der Fondatioun Kiwanis, den 22. Abréll 2023 an Ärem Centre de Promesses.

**Diane Wunsch**
**Coordinatrice**
**Télévie Lëtzebuerg**





# ZWANZEG JOER...

... no senger Grënnung ass den Télévie och dëst Joer erëm d'Geleeënheet fir Iech all en decke Merci ze soe fir är Méi an är Aarbecht déi dir dëser Aktioun consacréiert. Wéi der wësst kéinten ons Laboen hei zu Lëtzebuerg bei wäitem net dat leeschte wann den Télévie, wann Dir net do wäert. Dofir géing ech gär an e puer Wieder drop agoe wéi déi Sue gebraucht ginn.

D'Suen ginn hei zu Lëtzebuerg um Konnt vun der Fondatioun Kiwanis - Télévie gesammelt deen ons d'« Utilité Publique » garantéiert. Dann kommen se mat deene Belsche Suen zesummen op en Konnt vum Fonds National de la Recherche Scientifique op Bréissel. Dann gi vun de Lëtzebuerger Equippen d'Recherche Projete geschriwwen a beim Fond National an der Belsch (FNRS) agereecht. Deen FNRS organiséiert eng Kommissioun vun internationalen (USA, Frankräich, Däitschland, Belsch...) Experten déi all d'Projeten ënnersichen. An der Kommissioun ass Lëtzebuerg duerch de Prof. Mario Dicato a mech vertrueden. Déi beschte Projete ginn erausgewielt, an et ginn nëmme Lëtzebuergesch Projete mat Lëtzebuergesche Sue bezuelt, an all Lëtzebuergesch Sue kommen esou erëm am d'Land zeréck.

Hei zu Lëtzebuerg maachen ons Equippen d'Recherche mat deene Suen an hire Laboen. Déi Equippe publizéieren hier Recherche an internationalen Zäitschrëften. Dat sinn der an der Moyenne eng 20-30 d'Joer déi mat Fonge vum Télévie esou entstinn. D'Sujeten op deene mir schaffe geet vun der Leukemie bis zum Hautkriibs, a Broscht a Longekriibs net ze vergiessen.

An deene leschte Jore konnte mir grâce au Télévie, z.B. an der Immuntherapie bei mir am Labo grouss Decouvertë maachen, déi amgaange sinn den Traitement a verschiddene Kriibszorte komplett ze veränneren. Zum Beispill hu mir un enger Manéier geschafft fir verschidden Tumeuren déi net op Immuntherapie reagéieren oder resistent gi sinn, erëm dorop sensibel ze maachen.

Ech well awer nach eng Kéier betounen dass dat alles ouni är Méi an är Hëllef net méiglech wier an dofir soen ech Iech alleguer am Numm vun allen Chercheure villmools Merci.

**Prof. Guy Berchem**
**MD, PhD**
**Oncologue**



# EE VU VÉIER

**4 Centre de Promesses** bedeelegen sech dëst Joer um Télévie zu Lëtzebuerg, niewent Déifferdeng, Helperknapp an Rodange sinn ech séier frou doriwwer dass d'Schëtter Gemeng fir zweet no 2012 ee Spenden Zentrum stellt.

Wann Dir duerch dës Broschür bliedert huet den Organisatiounscomité vum groussen Téléviedag vun der Gemeng Schëtter seng Viraarbecht ofgeschloss, a mir wënschen eis vu ganzem Häerzen dass den Kulturellen Programm mat engem Potpourri vun Danz- a Musek-Shows iech alleguer begeeschteren kann. Natierlech kënnt um Campus "an der Dällt" de Sport net ze kuerz, entweder Dir kuckt bei den Evenementer einfach no oder Dir maacht selwer mat an entdeckt doduerch villäicht nei Talenter un Iech selwer.

Fir eis kléng oder grouss Gäscht, ob Jonk oder manner Jonk, ob eleng oder an der Famill, mir garantéieren Iech flott Momenter an eisem schéinen an PMR gerechten Centre de Promesses. Selbstverständlech fannt Dir vun 7 bis no 22 Auer nëmmen Guddes fir de Gomm ze verwinnen, kommt a schmaacht eis lecker Grillsaachen an/oder genéisst den Lëtzebuerger SymBIOse Crémant.

Genuch mat der Reklamm fir den CdP Schëtter, a menger Funktioun als President well ech net vergiessen fir zesummen mam Nora Forgiarini, Vize-Presidentin vum Organisatiounscomité, all den Memberen aus eisem Comité Merci ze soen fir all d'Aarbecht an d'Stonnen déi si investéiert hunn fir zum Succès vun der Télévie Campagne an eiser Gemeng bäizedroen. Och fir eis Veräiner mat hiren fläissegen Memberen gëllt mäin gréissten Respekt, net nëmmen um groussen Téléviedag sinn si dobäi, mee zënter **Hierscht 22** sammelen si onermiddlech Gelder bei hiren Manifestatiounen déi an d'Kriibsfuerschung fléissen.

Een vun mengen leschten Merci'en geet un d' Sponsoren sief dat Firmen a Betriber oder Privatleit déi mat hirer Ënnerstëtzung, trotz Energiekris an dem Krich an der Ukraine mat all sengen Niewewierkungen, den finanziellen Succès vum Centre de Promesses Schëtter mat assuréiert hunn. Mäin allerleschten Merci geet un d'ganzt Personal vun der Gemeng, sief dat d'technesch an logistesch Mataarbechter oder d'administratiivt Personal, och si hunn den Télévie-Challenge ugeholl a gemeeschtert.

Léif alleguer, kommt den **22 Abrëll** an eis schéin Gemeng an erlieft den Centre de Promesses Schëtter Hautno mat senger eemoleger Atmosphär.

**Serge Thein**
**President vum Télévie Organisatiounscomité 2023**







# ORGANISATIOUNSCOMITÉ



Sven **Grohmann**, René **Marx**, Patrick **Weyrich**, Jean-Pierre **Kaufmann**, Margréit **Hellers,** Gaby **Thommes**, Astrid **Hartz**, Apolline **Hoffmann**, Stéphanie **Buhin**, Nora **Forgiarini**, Liliane **Ries**, Juliette **Müller**, Monique **Guillaume**, Serge **Thein**, Ranjit **Neuman**, Franco **Losavio**.

Et feelen op der Foto: Annelise **Jentgen-Meyer**

CENTRE DE PROMESSES
2023 Schëtter


Restaurant
BIVIO
73, rue Principale
L-5367 Schuttrange
Téléphone (+352) 35 01 43
www.bivio.lu


20
ANS DREES & SOMMER
AU LUXEMBOURG
Nous vous remercions de votre confiance et félicitons Télévie pour le succès de ses actions depuis de nombreuses années.
dreso.lu
DREES & SOMMER
Votre expert en conseil, conception et gestion de projets dans l'immobilier et la construction durable


BOMA
tout pour le nettoyage et l'hygiène
la plus grande
révolution du nettoyage
n'a jamais été si compacte
demandez votre démo gratuite
islux@boma.lu // +352 26.29.68.88


WEIS
GARAGE
Votre spécialiste indépendant
VW Audi SEAT CUPRA ŠKODA
Voitures de Direction Voitures neuves
Voitures UE Occasions
+352 35 99 25
www.garageweis.lu
info@garageweis.lu


best in energy performance
Énergies renouvelables
Efficacité énergétique
Technique de l'informatique
Gestion technique du bâtiment
Installation
Service
PAUL WAGNER ET FILS
SOCIETE ANONYME
TECHNIQUES DU BATIMENT
9, rue Robert Stumper, Z.A. Cloche d'Or, L-1013 Luxembourg, B.P. 1374, Tel. +352 48 19 91-1, info@pwagner.lu,
www.pwagner.lu


PEINTURE
LACOUR
Peinture intérieure
et extérieure,
revêtements sols et murs,
matériaux biologiques
PEINTURE LACOUR S.à r.l.
217, rue Principale
L-5366 MUNSBACH
Tél.: 49 05 65
www.lacour.lu


ENTDECKT
DAT
AUTHENTESCHT.
LAOTSE ASIA
ADD: 2, RUE DE MEDINGEN, MOUTFORT
TEL: 350345
WEB: WWW.LAOTSE.LU
IG: @LAOTSEASIA

2012 GROUSSEN TÉLÉVIEDAG ZU SCHËTTER

# RÉCKBLÉCK TÉLÉVIE 2012

Rétrospective Télévie 2012

Retrospective Télévie 2012


































Advanzia Bank S.A. 9, rue Gabriel Lippmann L-5365 Munsbach advanzia.com


# EVENTER AM KADER VUM TÉLÉVIE

Événements dans le cadre du Télévie. Events in tribute to the Télévie.

10.09.2022 - **Eisekuchen verkaf um Schëtter Maart** - Amiperas Schëtter
05.10.2023 - **Télévie Informatiouns- an Austauschversammlung**
08.10.2022 - **Eisekuchen verkaf um Schëtter Maart** - Amiperas Schëtter
22.10.2022 - **Technikofzeechen** - VC L'Hirondelle
22.10.2022 - **"De ganzen Dag Circus ... an Owes Theater!"** - Kulturkommissioun
03.11.2022 - **Trauliicht brennen** - Ferme Pédagogique A-Schmatten
18.11.2022 - **Lancement Télévie** - RTL City
27.11.2022 - **Adventsmaart** - Fraen a Mammen Schëtter
02.12.2022 - **Niklosmaart** - Schoul an der Dällt
11.12.2022 - **Concert Spirituel** - Schëtter Musek
09.12.2022 - 11.12.2022 - **Schëtter Chrëschtmaart & Lancement vum Télévie zu Schëtter**
14.01.2023 - **Glühwäin & Schoki Verkaf um Schëtter Maart** - Schëtter Hëlleft
28/29.01 & 03./04.02 - **"Mäi Mann... deen ass op d'Schëff"** Theaterfrënn Schëtter
25.02.2023 - **Kannerfuesbal** - Elterevereengegung Schëtter
05.03.2023 - **Familljerallye** - Les Castors Schëtter
11.03.2023 - **Wine & Dine** - Amicale Pompjeeën Minsbech Schëtter
18.03.2023 - **Guidéiert Vëlostier fir Kanner ab 8** - VC L'Hirondelle
19.03.2023 - **Flotte Märchentour mat Allerlee** - Fraen a Mammen Schëtter
25.03.2023 - **Guidéiert Vëlostier fir Erwuessener** - VC L'Hirondelle
26.03.2023 - **"selwer gemaart" - Maart mat Hobbyartikelen** - LSAP
26.03.2023 - **Guidéierten Vëlostour** - VC L'Hirondelle
29.03.2023 - **Concert Brass Band du Conservatoire** - Kulturkommissioun
31.03.2023 - **Charity Run** - Schoul an der Dällt
02.04.2023 - **Après-Ski Party** - Organisatiounscomité CdP Télévie Schëtter
07.04.2023 - **Whisky & Sound** - Lëtzebuerger Guiden a Scouten
08.04.2023 - **Foto a Filmshow** - Fotoclub Schëtter
18.04.2023 - **Padel fir de gudden Zweck** - Organisatiounscomité CdP Schëtter
21.04.2023 - **Gala Dinner** - Organisatiounscomité CdP Télévie Schëtter

## 22.04.2023 - Groussen Téléviedag

16.06.2023 - **Concert Tango Argentino Luxembourg** - Kulturkommissioun
17.06.2023 - **D'Party geet emmer virun** - Cool Feet Concert
18.06.2023 - **Schëtter Jugenddag 2023** - Jugendkommissioun

# VERGANGEN EVENTER ZU GONSCHTE VUM TÉLÉVIE

Événements passés en faveur du Télévie.

Past events in favour of the Télévie.



10.09.2022 & 08.10.2022

## EISEKUCHEN VERKAF UM SCHËTTER MAART

Amiperas Schëtter

22.10.2022

## TECHNIKOFZEECHEN

VC L'Hirondelle






22.10.2022

## "DE GANZEN DAG CIRCUS ... AN OWES THEATER!"

Kulturkommissioun





03.11.2022

## TRAULIICHT BRENNEN

Ferme Pédagogique A-Schmatten





10.09.2022 & 08.10.2022

## LANCEMENT TÉLÉVIE

RTL City

27.11.2022

## ADVENTSMAART

Amiperas Schëtter





02.12.2022

## NIKLOSMAART

Schoul an der Dällt

11.12.2022

## CONCERT SPIRITUEL

Schëtter Musek





09.12.2022 - 11.12.2022

## SCHËTTER CHRËSCHTMAART & LANCEMENT TÉLÉVIE

Schëtter Veräiner

14.01.2023

## GLÜHWÄIN & SHOCKI UM SCHËTTER MAART

Schëtter Hëlleft





28.01, 29.01, 03.02 & 04.03.2023

## "MÄI MANN… DEEN ASS OP D'SCHËFF"

Theaterfrënn Schëtter



2022 /2023 GROUSSEN TÉLÉVIEDAG ZU SCHËTTER

25.02.2023

## KANNERFUESBAL

Elterevereengegung Schëtter





05.03.2023

## FAMILLJERALLYE

Les Castors Schëtter

11.03.2023

## WINE & DINE

Amicale Pompjeeën Minsbech Schëtter





18.03.2023

## GUIDÉIERT VËLOSTIER FIR KANNER AB 8

VC L'Hirondelle

19.03.2023

## FLOTTE MÄRCHENTOUR MAT ALLERLEE

Fraen a Mammen Schëtter





25.03.2023

## GUIDÉIERT VËLOSTIER FIR ERWUESSENER

VC L'Hirondelle

26.03.2023

## SELWER GE"MAART"

LSAP Schëtter





26.03.2023

## GUIDÉIERTEN VËLOSTOUR

VC L'Hirondelle





29.03.2023

## CONCERT BRASS BAND DU CONSERVATOIRE

Kulturkommissioun






31.03.2023

## CHARITY RUN

Schoul an der Dällt

02.04.2023

## APRÈS-SKI PARTY

CdP Schëtter



# DE KAMPF GÉINT LEUKEMIE

## ASS EN EKIPPE-SPORT



télévie

**Samschdes, den 22. Abréll 2023**
**De Plooschter Projet ass an all «Centres de promesses»**
Helperknapp, Schëtter, Déifferdeng, Rodange

**LOOSST IECH REGISTRÉIEREN A RETT E LIEWEN!**


Plooschter Projet

**Plooschter Projet asbl**
30, rue du Cimetière
L- 3715 Rumelange

info@plooschterprojet.lu
Tel.: +352 621 69 51 55
CCPLULL **PLOOSCHTERPROJET**
IBAN LU67 1111 7033 0252 0000


All 15 Minutte kritt z.B. an Däitschland ee Mënsch d' Diagnos: Leukemie, eng Krankheet, déi jidderee kréie kann, ob Sportlerin, Kolleeg, Frënd/Fréndin oder Familljemember. Déi Krankheet ass dacks heelbar, mee vill vun de Kranke brauchen, fir kënnen z'iwwerliewen, eng Stammzellentransplantatioun. Dofir brauche mir dech am Kampf géint de Bluttkriibs. Vläicht si genee deng Stammzellen d' Rettung fir e Bluttkriibspatient.

**D' Bedingunge fir Stammzellespender ze ginn:**

1. Tëschent 18 a 40 Joer hunn (ab 16 mam Averständnes vun den Elteren).
Wann een eemol registréiert ass, kann ee bis 60 Joer Stammzelle spenden.
2. Maximum 2 Schwangerschafte gehat hunn (Feelgebuerten ageschloss).
3. Méi schwéier wéi 50 kg sinn.
4. Gesond sinn (dofir muss de Froebou ausgefëllt ginn).
5. Sech Blutt huele loossen oder eng Spautprouf maachen.
6. Lëtzebuerger bzw. däitsch Nationalitéit / Wunnsëtz hunn.

## GËFF OCH DU STAMMZELLESPENDER & RETT LIEWEN

Wann s du d'Krittären erfëlls, da kanns du op der Plaz eng Bluttanalys maache loossen. Domat kënns du dann an déi weltwäit Datebank a bass domat disponibel, fir engem Mënsch mat Bluttkriibs eng Chance op d´Iwwerliewen ze ginn.

All weider Froe kriss du nach op der Plaz beäntwert. Du fënns eis och op eisem Internetsite www.plooschterprojet.lu an op Facebook. Mir freeën eis op dech an hoffen eng grouss Unzuel u Leit mobiliséiert ze kréien!

Join the team
**SAVE A LIFE**
www.plooschterprojet.lu

payconiq

# MAACHT ÄREN DON!



Iwwer Payconiq andeems Dir de QR Code mam Handy scannt oder per Iwwerweisung:

**Télévie - Centre de Promesses Schëtter**
**LU98 0019 7255 1109 4000**

**Faites un don!**
Par Payconiq en scannant le code QR avec la caméra de votre GSM ou par transfer bancaire.

**Make a donation!**
By Payconiq by scanning the QR code with the camera of your mobile phone or by bank transfer.


**MOTOFRENN DIDDELENG**
Fondé en 1928
www.motofrenn.lu
boîte postale 42
L-3401 DUDELANGE











# TÉLÉVIE SITE




1 Kaffisstuff
2 Portrait Atelier
3 Festzelt
4 Busquai
5 VDL Bus
6 Sport Hall I
7 Ferrari Club
8 Frënn vum Police Musée
9 Jugendhaus Atelier
10 Konschthandwierk
11 Catering
12 Gedrénks
13 Plooschterprojet
14 Centre Culturel
15 Hondsstaffel
16 Kids Village
17 Feier Simulator
18 Piano Entertainment
WC Toiletten

# DEN PROGRAMM VUM GROUSSEN TÉLÉVIEDAG

Programme de la grande journée Télévie. Program of the big Télévie-day.

| | | |
|---|---|---|
| 07:45 | Scheckiwwerreechung | Télévie Bühn |
| 09:45 | Dream Team - Völkerball | Sport Hall I 6 |
| 10:30 | Ensemble de percussion UGDA | Festzelt 3 |
| 10:45 | Scheckiwwerreechung | Télévie Bühn |
| 11:30 | Schëtter Jongbléiser | Festzelt 3 |
| 12:30 | Menster Musek | Festzelt 3 |
| 13:30 | Hondsstaffel vun der Lëtzebuerger Douane | Ministade 15 |
| 14:00 | Luxicals | Télévie Bühn |
| 14:00 | Simply2 | Festzelt 3 |
| 14:45 | Scheckiwwerreechung & Motofrënn Diddeleng | Télévie Bühn |
| 15:00 | Spektakel vun der Danzschoul Sandweiler | Télévie Bühn |
| 15:30 | Arrivée Moto Club Kayl | Busquai 4 |
| 16:00 | Big Band Crazy Cube | Festzelt 3 |
| 16:00 | Spektakel vun Ryhmica Lux Schëtter | Télévie Bühn |
| 16:00 | Hondsstaffel vun der Lëtzebuerger Douane | Ministade 15 |
| 16:00 | Arrivée vum Télévie-Kiwanis Bus | Busquai 4 |
| 16:30 | DHL Télévie Tour | Busquai 4 |
| 17:00 | The Friends | Festzelt 3 |
| 17:45 | Scheckiwwerreechung | Télévie Bühn |
| 18:00 | Grupo Etnográfica do Alto Minho | Télévie Bühn |
| 18:00 | Crying Souls | Festzelt 3 |
| 19:00 | Special Guest | Télévie Bühn |
| 19:00 | Detto | Festzelt 3 |
| 20:00 | Märeler Big Band | Festzelt 3 |
| 20:30 | Wine & Jazz - Pascal Schumacher & Friends | Centre Culturel 14 |
| 22:00 | Scheckiwwerreechung - Live op RTL | Télévie Bühn |





# AKTIVITÉITEN & ATTRAKTIOUNEN FIR KLENG A GROUSS

Activitée durant la grande journée du Télévie. Activities on the big Télévie-day.



6

14:30 - 16:00


**QI GONG WORKSHOP**



16

11:00 - 18:00

**kids VILLAGE**



10

10:00 - 18:00

**KONSCHT-HANDWIERK**



8

10:00 - 18:00

**FRËNN VUM POLICE MUSÉE**



7

11:00 - 17:00

**FERRARI CLUB**



9

13:00 - 18:00


**JUGENDHAUS ATELIER**



5

10:00 - 18:00

**RESTAURÉIERTEN VDL BUS**



17

14:00 - 18:00

**FEIER SIMULATOR**



6

16:00 - 17:30

**ZUMBA**



télévie
# kids VILLAGE

13:00-18:00
**GLITZER-TATTOOS**
MRE & PATCHWORK

12:00-18:00
**FACE-PAINTING**
MRE & PATCHWORK

13:00-18:00
**SPILL ATELIERS**
BADMINTON CLUB SCHËTTER

11:00-18:00
**ADVENTURE SPILLER**
CDP SCHËTTER





# IESSEN & GEDRÉNKS

À manger & à boire. Food & Drinks.



07:00 - 17:00
**KAFFISSTUFF**
Fraen a Mammen Schëtter



10:00 - 22:00
**EISEKUCH**
Elterevereenegung Schëtter




10:00 - 22:00
**GEGRILLS**
Schëtter Nössmaart & Cercle Avicole



10:00 - 22:00
**PANECHER**
Schëtter Gesank



10:00 - 22:00
**FRITTEN**
Schëtter Nössmaart & Cercle Avicole



12:00 -18:00
**ICE TEA**
Les Castors Schëtter



11:30 - 14:00 & 17:30 - 20:00
**ZOPP**
Les Castors Schëtter



10:00 - 22:00
**CRÉMANT**
Lëtzebuerger Rousefrënn



17:00 - 22:00
**KEBAB**
Schëtter Jugendhaus

**Fir d'Gedrénks iwwert de ganzen Dag suergen d'Veräiner vum der Gemeng Schëtter an Kiwanis.**

## Crèche BioBébé

*« Un endroit où grandir ensemble »*

La famille **Biobébé** est une Crèche ou chaque enfant se développe, explore et apprend à son propre rythme dans un environnement aimant, où sa jeune vie est protégée et soutenue.

Notre nourriture est BIO et conçue par nos soins, celle-ci est élaborée à base de produits locaux et de saison.



Nos activités et nos équipements sont sélectionnés afin d'encourager l'auto-développement aux différents âges.

La motricité, la sociabilisation, l'artisanat, l'apprentissage font partie des activités *quotidiennes disponibles dans notre Crèche.*

La pédagogie est au cœur de nos forêts où les enfants explorent et développent leurs relations à la nature et à l'environnement.

Des activités en plein air sont organisées quotidiennement.



Crèche BioBébé S. à r.l. - info@biobebe.lu – www.biobebe.lu

MARBRERIE

BERTRAND



## FERRARI CLUB LËTZEBUERG

Dès 1982, un petit groupe d'amateurs de voitures FERRARI se réunit pour partager leur passion commune. De cette initiative naîtra officiellement en 1984 le Ferrari Club Luxembourg, avec pour but « d'unir tous les propriétaires et amateurs de voitures Ferrari, d'organiser des manifestations sportives et culturelles, nationales et internationales. »

Notre club est une ASBL et selon la volonté expresse de la maison mère Ferrari spa, le club officiel et reconnu des propriétaires Ferrari pour le Grand-Duché. L'accès au club est limité aux seuls détenteurs de Ferrari.

Nous voulons être un « espace » de rencontre pour toutes les personnes qui partagent la même passion : notre vocation est de rapprocher les gens véhiculant ce même intérêt autour de la marque Ferrari et leur voitures. Nous avons parmi nos membres aussi bien des détenteurs de voitures récentes que des collectionneurs de voitures anciennes.

En tant qu'ambassadeur de la marque Ferrari, ensemble avec nos membres, nous partageons et entretenons cette passion pour la marque mythique de Maranello. Au-delà de l'organisation d'événements sportifs et touristiques, ceci comprend également le soutien d'oeuvres de bienfaisance dans notre communauté locale.

1982 ass eng kleng Grupp vu FERRARI begeeschterten Kollegen zesummekomm fir hir gemeinsam Leidenschaft ze deelen. Aus dëser Initiativ gouf de Ferrari Club Lëtzebuerg 1984 offiziell gebuer, mam Zil all Ferrari Autosbesëtzer a Begeeschterten ze vereenegen an national an international sportlech a kulturell Eventer ze organiséieren.

Eise Veräin ass eng ASBL an no dem Wëllen vun der Mammegesellschaft Ferrari Spa, den eenzegen offiziell unerkannten Club vun Ferrari Besëtzer fir de Grand-Duché. Nëmmen Ferrari Besëtzer kënnen Member vum Club ginn.

Mir wëllen Leit zesummenzebréngen déi begeeschtert sin vun der Marque Ferrari an hieren Autoen. Mir hunn ënnert eise Memberen souwuel Besëtzer vun neien Autoen a Sammler vun alen Autoen.

Als Ambassadeur vun Ferrari, zesumme mat eise Memberen, deelen an entwéckelen mir dës Leidenschaft fir déi legendär Maranello Marque. Nieft der Organisatioun vun sportlechen an touristeschen Eventer, ëmfaasst dëst och d'Ënnerstëtzung vun karitativer Aarbecht an eiser lokaler Gemeinschaft.








15 €

## SYMBIOSE LIMITÉIERT EDITIOUN – TÉLÉVIE SCHËTTER 2023 –

Wëllt Dir e leckeren Lëtzebuergeschen Bio Crémant genéissen a gläichzäiteg eppes fir de gudden Zweck maachen? Da bestellt Iech eise Symbiose Bio Crémant per E-mail op televie@schuttrange.lu.

**De ganzen Erléis vum Verkaf gëtt un den Centre de Promesses Schëtter gespent.**







## 24 STONNE LAF FIR DE GUDDEN ZWECK

Mäi Numm ass Claude Stiefer, ech wunnen zu Schëtter a meng Leidenschaft ass Ultralafen. Fir den Télévie Schëtter 2023 hunn ech mir e sportlechen Challenge gesat a lafen 24 Stonnen duerch d'Gemeng.

De Départ ass Freides 21. Abrëll um 18h00 um Campus "An der Dällt", d'Arrivée ass dann Samschdes 22. Abrëll 18h00 um Téléviedag um Campus zu Minsbech. Begleed ginn ech dobäi vun der Ultraleeferin Pascal Worré.

Dir kennt gär zu all Moment e puer Kilometer mat eis lafen, mir freeën eis iwwer all Begleedung. D'Lafstreck féiert ronderem d'"Wasserfeld" (Campus Minsbech, Schëtter, Al-Schëtter, Uewersyren, Campus Minsbech).

Niewt mengem perséinlechen Challenge ass et awer och mäi Wonsch fir Spenden ze sammlen fir de Télévie. Wann dir d'Pascale a mëch wëllt bei eisem Projet ënnerstetzen da kënnt dir gär en Don maachen fir den **Télévie Schëtter 2023 - LU98 0019 7255 1109 4000 mam Vermierk "Téléviedag 24h Laf Claude Stiefer"**.

Mir gesinn eis op der Streck an denkt drun fir fläisseg en Don ze maachen.




**Claude Stiefer**



*Die Busse 67, 167, 182, 232 und 216 im Betriebshof der AVL im Mai 2014*

## ENTSTEHEN DER „FRËNN VUM ALE STATER BUS ASBL"

Interessierte Busfahrer gründeten Anfang 2012 die Vereinigung „Frënn vum ale Stater Bus asbl". Ziel war es, den Bus Brossel mit der Betriebsnummer 94 aus dem Jahre 1964 und den Mercedes-Gelenkbus 46 von 1982 wieder aufzuarbeiten und fahrtüchtig zu machen. Sie wurden an die Vereinigung abgetreten. Diese begann mit den Vorbereitungen zur Finanzierung der Projekte. Da dies ein großer Arbeitsaufwand ist, beschloss man zuerst den Bus 94 Brossel herzurichten. Später soll der Gelenkbus 46 Mercedes-Benz aufgearbeitet werden. Gleichzeitig ist ein Projekt in Angriff genommen worden, welches die Aufarbeitung von Bus Brossel mitfinanzieren soll.

Im Jahr 2013 stiess die Vereinigung „Routemaster asbl" ihre beiden städtischen Busse aus organisatorischen Gründen ab. Es waren dies Bus 216 Deutz von 1979 und Bus 232 Mercedes-Benz aus dem Jahre 1983.

Die Stadt Luxemburg gab sich vor Jahren eine neue äußere Identität mit dem „Multiplicity"- Design. Dabei mussten die Busse, welche in der blau-weiß-gelb-orangen Farbgebung von 1989 fuhren, ihr äußeres Erscheinungsbild ändern. Die „Frënn vum ale Stater Bus" beschlossen 2013 schließlich ein Fahrzeug dieser Generation zu erwerben, um es der Nachwelt zu erhalten. Es handelt sich dabei um Bus 167 Mercedes-Benz aus dem Jahre 1995. In einer 2014 stattgefundenen Zusammenkunft zwischen dem Busdienst und der Vereinigung wurde festgehalten, dass auch ein Gelenkbus in dieser Farbgebung für die „Frënn vum ale Stater Bus" bereitstehe. Diesmal ist es Bus 67 Mercedes-Benz von 1997.

2015 wurde Bus 182 MAN vom Autobusbetrieb vorzeitig aus dem Verkehr gezogen. Da die Vereinigung bereits 2014 eine Anfrage eingereicht hatte, das Fahrzeug nicht zu veräußern, konnte es in den Fahrzeugbestand aufgenommen werden. Es wurde im Jahre 2008 gelegentlich der 100-Jahr-Feier der städtischen Straßenbahn „veraltet" in den blau- gelben Farben hergerichtet, ähnlich eben einer früher in der Stadt verkehrenden Tram.

Somit verfügt die Vereinigung momentan über sieben Busse, wovon einige in Betrieb sind und für Extrafahrten bereit steht. An den restlichen Wagen werden im Laufe der Zeit die Arbeiten durchgeführt, wofür die „Frënn vum ale Stater Bus asbl" sich zusammen gefunden haben.



Followed eis op Instagram!
@marustudio

Geschäfter maachen ouni Reklamm ass wéi d'Spuer ze wieselen ouni Winker.

Dir wësst wat Dir maacht, déi aner awer net.

STRATEGIE
Identitéit
Positionéierung
Slogan
Reklamm

DESIGN
Logo
Flyeren / Brochuren
Packaging
Web Design

ENTWÉCKLUNG
Apps
Websäit
Online Shop

maru.
info@maru-studio.lu
www.maru-studio.lu
T: +352 35 24 32

12e Journée nationale du **Qi Gong**

am Télévie-Zenter **Schëtter : 22.04.2023**

**Gratis Qi Gong Workshop :**

Selbstmassagen an Qi Gong Übungen fir d'Gestioun vu senger Gesondheet

**Atelier gratuit de Qi Gong :**

Auto-massages et exercices de Qi Gong pour la gestion de sa santé

**Schuttrange (Munsbach - Hall des sports 1 - Campus an der Dällt – 185, rue Principale) : 14h30 – 16h00**

Qi Gong avec Sylviane WINKEL (en français)

| **INSCRIPTION A L'ATELIER GRATUIT** | 22.04.2023 |
|---|---|
| Par tél. : (00 352) 621 165 738 (secrétariat)<br>Par e-mail : qigong.federation@pt.lu<br>Auprès du professeur : Sylviane WINKEL<br>sylviane.winkel@pt.lu<br>Ou bien sur place am Télévie-Zenter | Les participants feront un don au profit du Télévie 2023 |

**Inscription à communiquer par e-mail ou par téléphone :**

Je m'inscris à l'atelier gratuit de Qi Gong du 22.04.2023 de 14h30 à 16h00 à Munsbach 185, rue Principale

Nom : ________________________________ Prénom : ________________________________

Téléphone : ______________________ E-mail : ________________________________________

Le Qi Gong ne nécessite pas d'efforts de flexibilité importants, il est facile à pratiquer et agréable également pour les gens âgés. De nombreuses recherches scientifiques prouvent son efficacité pour gérer le stress, les émotions et pour augmenter les défenses immunitaires du corps. Le Qi Gong (Chi Kung) fait partie de la Médecine Traditionnelle Chinoise évaluée selon les experts à environ 5000 ans d'âge. Son principe est de stimuler la quantité d'énergie vitale dans l'organisme et de faciliter sa circulation dans tous les organes par le réseau des méridiens d'anatomie comme utilisé dans l'acupuncture.

**Vous pouvez visiter la vidéo sur le site www.qigongfederation.lu « La Journée nationale du Qi Gong » avec diaporama, film, interview et pratique du Qi Gong au studio de RTL**

***FEDERATION LUXEMBOURGEOISE DE QI GONG & D'ETUDES ASIATIQUES Asbl***

Membre d'honneur Dr LIU DONG de la faculté de médecine de Pékin, chercheur scientifique

**www.qigongfederation.lu**



# KOMMEND EVENTER ZU GONSCHTE VUM TÉLÉVIE

Événements en faveur du Télévie.

Upcoming events in favour of the Télévie.




21.04.2023

**GALA DINNER**

CdP Schëtter

16.06.2023

**CONCERT TANGO ARGENTINO LUXEMBOURG**

Kulturkommissioun






17.06.2023

**D'PARTY GEET EMMER VIRUN! – COOL FEET**

CdP Schëtter



18.06.2023

## SCHËTTER JUGENDDAG 2023

Jugendkommissioun





20 Joer LUXMOTOR

**LuxMotor SARL**
Rue Henri Tudor 5 (Syrdall I)
**L-5366 Munsbach**
**www.luxmotor.lu**
**Tél. (+352) 26 12 22-1**

**LuxMotor SARL**
Rue de l'Avenir 3
**L-3895 Foetz**
**www.luxmotor.lu**
**Tél. (+352) 26 54 41-1**

Ford Kuga: 1,0-6,8 L/100 KM. 22-158 G/KM $CO_2$. (WLTP)
Ford Puma: 5,3-6,8 L/100 KM. 121-155 G/KM $CO_2$. (WLTP)

*Conditions Festival valables sur une sélection de modèles uniquement. Contactez-nous pour toute information.Informations environnementales (A.R. 19/03/2004) : www.ford.lu/environnement. Les véhicules Ford sont homologués selon la norme WLTP ("World Harmonised Light Vehicle Test Procedure"), qui permet de mesurer la consommation de carburant, les émissions de $CO_2$ et l'autonomie électrique/le rayon d'action du véhicule de manière standardisée dans un laboratoire d'essai. Les valeurs WLTP ne sont pas une représentation exacte à 100 % de l'autonomie, de la consommation de carburant et des émissions de $CO_2$ des véhicules. Les équipements en option, le style de conduite, les conditions de circulation ou certains facteurs environnementaux tels que la température extérieure peuvent affecter les émissions totales de $CO_2$ du véhicule, sa consommation de carburant ou son autonomie. Par conséquent, la consommation de carburant et les émissions de $CO_2$ réelles ainsi que l'autonomie réelle du véhicule (en particulier la distance que vous pouvez parcourir entre deux recharges) peuvent différer (parfois de manière significative) des valeurs WLTP. Le distributeur vendeur et Ford déclinent toute responsabilité à cet égard. En outre, l'introduction du test WLTP a des conséquences sur la taxation de l'achat et de l'utilisation du véhicule. Annonceur : Ford Motor Company (Belgium) SA, Avenue du Hunderenveld 10, 1082 Bruxelles, TVA BE0404.955.204, RPM Bruxelles - Banque : Fortis 220-0040000-72 - Tel. 02/482 20 00 - custfobe@ford.com. Contactez-nous ou visitez notre site web www.ford.lu pour en savoir plus sur la fiscalité des véhicules, la consommation, les émissions de $CO_2$ ou l'autonomie.

DONNONS PRIORITÉ À LA SÉCURITÉ. ford.lu.



HÄREMILLEN
DOMAINE VITICOLE EHNEN

**Domaine Viticole Häremillen**
29, am Schank L-5419 Ehnen
Tél +352 76 84 36 Fax +352 76 91 93
**www.haeremillen.lu** info@haeremillen.lu
**Find us on** **haeremillen**




ELTRONA
SECURITY SYSTEMS



Entente
Parc d'activités Syrdall a.s.b.l.

Cette année encore, nous avons soutenu le télévie






## E grousse Merci un all de Benevollen, Donateuren a Sponsoren déi dësen Dag erméiglecht hunn. An och e grousse Merci un d'Gemeng Schëtter an hiren Aarbechter fir hiert Engagement!

Un grand merci à tous les bénévoles, donateurs et sponsors pour avoir rendu cette journée possible.
Et également un grand merci à la commune de Schuttrange et à leurs agents pour leur engagement !

A big thank you to all the volunteers, donors and sponsors for making this day possible. And also, a big thank you to the commune of Schuttrange and their agents for their commitment!

**Bleift ëmmer um leschte Stand a followed eis op de Soziale Medien:**

Restez informés et suivez-nous sur les réseaux sociaux :

Stay up to date and follow us on social media:

**televieschetter**

**televie_schetter**

# #FIRDECHDO

**Design & Layout: www.maru-studio.lu**
**Dréckerei: Imprimerie Ossa, Nidderaanwen**
**Fotoen: Fotoclub Schëtter, Gemeng Schëtter, Pexels, Unsplash, Rawpixel.**

www.schuttrange.lu/televie